# "Et geet haut nët"

D'Tragik vun der MS (multipler Skleros)
ausgedréckt an engem
Lidd op d'Weis vun:
"Mäi Papp deen huet eng Seemaschin".

(d'Roll vu Papp a Mamm sin auswiesselbar)

d'Kand (oder d'Kanner)
1) Mäi Papp (Mamm) dee seet et geet haut nët,
t'geet haut nët, t'geet haut nët
Mäi Papp dee seet et geet haut
nët et geet haut nët.
2) Ech hätt sou gär et géng haut gon .... asw.
3) Mir kënnte mat him Zodi schloen, .... asw.

D'Kanner schloen eleng Zodi

de Papp
4) Da sid dach roueg, t'geet haut nët ......
5) Gesit dir nët ech kann nët gon ...
6) Ech ka jo haut guer näischt verdron ...

d'Mamm
7) Lo sit dach stëll, dir musst verston .....
8) Muer wäert et sécher besser gon ..
9) Da kënne mir spazéiere gon ...

deen aneren Dag:

de Papp
1o) Ech hat gemengt et géif haut gon
11) Mä leider muss ech nees geston ..
12) Ech ka jo haut nees guer nët gon

d'Kanner (reprise vu vir)
Mäi Papp dee seet et geet haut nët .........

Léif Leit! Sangt dëst Lidd esou oft ewéi méiglech hannereneen, am beschten all Dag muerges beim Kaffi, bis et iech zu den Ouren an zum Hals eraushängt, da wësst der ongeféier wéi frou mir matt deem Gaascht sin, deen sech an der Persoun vun der Multipler Sklerose an eist Haus erageschlach huet an nët méi wëllt sénger Wee goen. Hie räisst ee Briet no dem aneren aus dem Buedem, wou mir eist Haus wollten drop opbauen. Hie geheit eis Moosstief iwert e Koup an hëllt nach jhust seng eegen Moosstief, déi haut esou a muer erëm anescht sin. Kee Wonner wa bei deenen Zoustänn onsem Frënd Humor den Humor vergeet; hie wëllt senger Wee goen an ons an d'Plaz nach héichstens säi Koseng aus Afrika schécken. (De schwaarzen Humor)

Monique Zeches-Kimmel

Et as fir ze laachen
Mä et stëmmt
An all Dag op en neits
Mä mir waarden! Jos

